

bei engem Untersuchungsrichter während dräi Méint ufroen, ouni mussen eng Instructioun opzemaachen. Esou kéint den Untersuchungsrichter dechargéiert an och d'Prozedur an deem Sënn gestrafft ginn.

Eng zweet Recommandatioun: Bei der Instructioun recommandéiert de Conseil national mat Bléck op de franséische Modell och nach, dass eng gewësse Kontroll vun der Dauer virgesi gëtt bei der Instructioun. D'Instructioun soll e rasonablen Delai net iwwerschreiden. A wann, da muss den zoustännegen Untersuchungsrichter erklären, wiesou d'Instructioun nach net ofgeschloss ass. An esou kéint een hei zu Lëtzebuerg och ze laang Instructiounsphasen an och Delaie verhënnere.

Eng drëtt Recommandatioun ass, dass een d'Maximaldauer fir d'Détention préventive virgesäit, ouni elo ze vill hei an d'Detailer ze goe vun der franséischer Legislatioun, well och e Bléck dorobber geworf gouf. Et ass de Prinzip vun der Détention préventive, dass se am Fong bis ee Joer goe kann, maximal zwee Joer, en fonction vun der Infirmität, a bei engem festgeluechten Delai misst och hei den Untersuchungsrichter e justifiéierte Rapport un de Procureur ofginn an erklären, wiesou d'Untersuchung nach net fäerdeg ass a firwat effektiv den Inculpéierten nach an der Detention bleiwe muss.

Eng véiert Recommandatioun: Et ass wuelbekannt, dass den Effektiv u Richter hei zu Lëtzebuerg net duergeet. Do hu mer jo eng Rei Reformen an d'Weeër geleet, mee mat Drëttstaaten ass d'Entraide judiciaire schwéier ze gestalten, och dat kann een an de Recommandatiounen erausliesen, soudass natierlech Instructiounen opstinn, ouni dass hei am Fong déi néideg Informatiounen erakomme fir d'Lëtzeburger Justiz, fir effektiv kënnen hir Aarbecht opzehuelen. An do ass natierlech eng effikass Zesummenaarbecht mat den europäesche Länner wichteg, mat den europäesche Richter, an och och op internationalem Plang Magistrats de liaison en place ze setzen, fir dat ze stäerken. Och dat recommandéiert de Conseil national.

An dann eng fënneft Recommandatioun, dat ass, de Jugement sur accord méi attraktiv ze maachen. Och dat hate mer an eisem Walprogramm stoen als LSAP. Mee de Conseil national de la justice geet am Fong hei an d'Richtung, dass ee sech do um franséische Modell soll inspiréieren vun der Comparution sur reconnaissance préalable de culpabilité. Och dat kéint derzou bäidroen, dass méi op de Jugement sur accord zréckgegraff gëtt, fir et och als Instrument méi attraktiv ze maache fir d'Gerichter, fir och eng méi schnell Evakuatioun kënnen ze maachen, ouni awer au détriment ze si vun den Droits de la défense.

An dann natierlech eng sechst Recommandatioun, an ech hale mat där op: Bei de Poursuite ronderëm d'Criminalité économique et financière schléit de Conseil vir, dass d'Inculpation och op Leit soll zou treffen, déi net hire Wunnsätz respektiv hir Residenz hei zu Lëtzebuerg haten, wat jo de Moment net de Fall ass.

Wéi gesot, hei hu mer Recommandatiounen, wou sech Gedanken gemaach gi säitens dem Conseil national, fir eng méi effikass Justiz ze hunn, fir eng méi onofhängeg Justiz ze hunn. A wa mer dat gewäreschten, wa mer eng Justiz hunn, déi méi handlungsfäh ass, da kënn dat natierlech och de Biergerinnen a Bierger zegutt.

Dofir eng Rei Froen an deem Kontext, déi ech un d'Justizministesch wëilt stellen:

Kéint Der Iech virstellen, effektiv déi onlimitéiert Instruktiounsakten an där Approche am Code de procédure pénale virzehuele respektiv awer och d'Durée do ze limitéieren?

Kéint Der Iech och virstellen, dem Parquet weider Befugnisse ze ginn am Kader vun der besteeënder Mini-Instruction?

Wéi gesäit et mam maximalen Delai am Kader vun der Détention préventive aus?

Wéi gesitt Dir dat mam Volet vun de Magistrats de liaison, fir sech effektiv um europäesche Plang méi derfir anzesetzen, dass dat och ëmgesat gëtt?

A wéi gesitt Der dann, déi lescht Fro, d'Attraktivitéit vun Jugement sur accord, fir sech och do um franséische Modell kënnen ze inspiréieren?

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Dann huet d'Madamm Justizministesch d'Wuert. Madamm Minister.

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Ech deelen evidentement d'Recommandatiounen vum Conseil national de la justice, déi an d'Richtung gi vun enger méi effikasser Justiz. Mir haten och am Kader no der GAFI-Evaluatioun och vum Parquet général eng ganz Rei Recommandatiounen kritt, wéi een d'Procédur kéint straffen, an do si mer och schonn amgaangen, drun ze schaffen.

Mir hunn och schonn éischt Punkten ëmgesat, nämlech déi Recommandatioun vun der Mini-Instruction, dat heescht, d'Mini-Instruction ze erweidern op weider Akten, op weider Strofdoten, an et eeben och dem Parquet ze erlaben, méi Akten ze maachen, éier muss eng Untersuchung opgemaach ginn. Dat ass gemaach ginn an engem Projet de loi, dee mer am Regierungsrot den 10. Januar ugeholl hunn an deem den 28. Januar och hei an der Chamber deposéiert ginn ass.

An deem selwechte Projet ass och eng Ännerung vum Artikel 102 vum Code de procédure pénale proposéiert ginn, well et effektiv esou ass, dass dem Prevenu, wann en net kann erfaasst ginn, de Mandat d'arrêt op sengem leschte Wunnsätz zougstellt gëtt. Wat awer problematesch ass, wa mer net wëssen, wou de leschte Wunnsätz ass respektiv wann déi Persoun net hei zu Lëtzebuerg gewunnt huet. An an deem Sënn proposéiere mer an deem Projet de loi, déi Prozedur och auszubreiden op Leit, déi kee Wunnsätz hunn zu Lëtzebuerg. Dat heescht, déi zwou Recommandatiounen sinn am Fong schonn erfaasst an engem Projet de loi vun der Regierung, deem ufangs des Joers ugeholl ginn ass.

Dann hu mer eng Rei Groupe-de-travaillen en place gesat, fir eng ganz Rei aner Punkten ze diskutéieren, och notament déi, déi am Accord de coalition stinn, mee do falen der och eng Rei drënner, déi och vum CNJ opgegraff goufen, notament d'Procédur sur réquisition du parquet. Dat heescht, de Parquet soll d'Méiglechkeet kréien, sur réquisition Zougang zu finanziellen Donnéeën vu Verdächtigege ze kréien.

Dann och, dat ass och eng Demande vum Parquet, d'Introduction vun der Convention judiciaire d'intérêt public. Déi ass och vum CNJ opgegraff ginn. Dat ass d'Iddi vun engem alternativen transaktionellen Instrument zur Strafverfolgung, dat sech kéint op Entreprene applizéieren, och notament am Kader vun der Geldwäsch. Dat ass en éischte Groupe de travail, dee sech mat dese Projekte beschäftegt.

En zweeten, deem ass méi spezifesch op d'Accélération vun de Prozeduren ausgeluecht, wou mer Iech dann och gären en Avant-projet de loi herno proposéieren an dee kënn och den nächste 24. Abrëll zesummen. An dese Group de travail beschäftegt sech mat der Procédur de règlement méi generell. Iwwert déi hate mer och vill Diskussiounen,

mee do muss ee sech méi déifgrënneg Froen stellen: Wat ass d'Roll vun der Chambre du conseil? Wat sinn hir Missiounen am Appel? Wat ass d'Roll vum Untersuchungsrichter? Genau déi Froen gi vun deem Groupe de travail all gekuckt.

Dann, an deem Kader, schwätze mer natierlech och iwwert d'Delaie vun der Instruktioun. Déi Diskussiounen, déi mer do féieren, sinn absolutt ergebnisoffen. Bei der Instruktioun wëll ech awer trotz allem ze bedenke ginn – an dat selwecht gëllt am Fong och fir eng Limitatioun vun der Détention préventive –, dass et wichteg ass, dass awer déi néideg Zäit do ass, fir all d'Devoiren ze maachen. Dat ass och am Interêt vum Prevenu, vum Inculpé, dass déi néideg Zäit do ass, fir all d'Devore kënnen ze maachen, an dass dat en toute sérénité ka gemaach ginn. Den Délai raisonnable ass souwiesou u sech och garantéiert iwwert den Artikel 6 vun der CEDH (ndlr: Convention européenne des droits de l'homme), mee, wéi gesot, och do gëtt gekuckt, fir eventuell Pisten ze elaboréieren. De Jugement sur accord, wou mer och am Accord de coalition stoen hunn, dass mer dat wëlle vereinfachen, och deem ass en Deel vum Objet vun deem Groupe de travail.

Fir de Rescht schaffe mer natierlech och un der Digitalisatioun vun der Justice, wou de Parquet sech och elo anescht opgestallt huet a wou mer un der Applikatioun JU-CHA schaffen. Dat muss mer och maachen, zesumme mat der Police, fir dass dat eenheetlech ass.

D'Magistrats de liaison, dat war och e Punkt, deem Der ugeschwat hutt. Fir eis ass et effektiv wichteg, als klengt Land kënnen op d'Magistrats de liaison vun anere Länner zréckzegräife respektiv europäesch Magistrats de liaison. Déi Diskussioun hate mer jo och an der Justizkommissioun zesumme mam Verrieder vun Eurojust, mee wann dës Diskussiounen sinn, och am Kader vum Conseil Justice et Affaires intérieures, da setze mer eis ëmmer ganz kloer derfir an.

Ech mengen, dat waren all d'Froen, déi Der gestallt hat, oder hunn ech eng vergiess? Nee?

(Interruption par M. Dan Biancalana)

Gutt. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Den Här Biancalana kann nach eng Zousatzfro stellen, wann e wëllt.

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da wär dese Punkt domadder ofgeschloss.

3. 8228 – Projet de loi portant modification du Code civil en vue de la réforme de l'adoption

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 8228 doriwwer, d'Recht op Adoptioun fir onbestuete Koppelen a Jonggesellen an dem Code civil anzeféieren, esou wéi et am Koalitionsaccord virgesinn ass. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: de Rapportier huet 15 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten an déi Lénk hu jeeeweils 7 Minutten, d'Regierung huet 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen, niewent dem Här Charles Weiler: d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, den Här Dan Hardy, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapportier vum Projet de loi, den honorablen Här Charles Weiler.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Weiler (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister, de Projet de loi Nummer 8228, d'Reform vum Adoptionsrecht, gouf den 31. Mee 2023 vun der deemoleger Justizministesch an der Chamber deposéiert.

D'Haaptzil vum Text ass et, d'zivilrechtlech Reegelen zur Adoptioun un déi aktuell gesellschaftlech Realitéiten unzepassen an eng méi gerecht Behandlung souwéi eng besser Zougänglechkeet fir all Zorte vu Familljekonstellatiounen ze garantéieren.

D'Justizkommissioun krut den Text den 8. Juni 2023 zougewisen. De Staatsrot huet säin éischten Avis den 28. Juni 2024 presentéiert. An duerno koum de 25. Februar 2025 nach en Avis complémentaire.

Donieft krute mer nach weider Avice vum Tribunal d'arrondissement aus der Stad, dem CET, der CCDH, der CNPD, vum Stater Barreau an dem Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher.

Den 12. Dezember 2024 sinn eng Rei Amendementer presentéiert ginn, déi dunne och an der Justizkommissioun ugeholl goufen. Dës Amendementer droen haaptsächlech de Recommandatiounen aus dem Avis vum Staatsrot Rechnung.

Eng vun de pertinente Recommandatiounen war beispillsweis, d'Wuert „concubins“ ze benotzen an esou déi vag Notioun vu „vivre ensemble de façon affective“ ze ëmgoen, an dëst u sech duerch eng kloer a vun der Jurisprudenz och definéiert Terminologie. Hei garantéiere mer och d'Rechtssécherheet.

Zousätzlech goufen d'Alterskonditiounen, d'Viraussetzungen zum Altersënnerscheed an d'Reegelen zum perséinleche Consentement vum Adoptéierten iwwerschafft an och kloer definéiert. Den definitive Rapport gouf de 27. Mäerz 2025 an der Kommissioun ugeholl.

D'Dispositiounen vum Code civil, déi d'Adoptioun betreffen, goufen zënter 1989 net méi reforméiert. Et muss een awer kloer soen, datt sech de Familljemodell zanterhier awer grondsätzlech weiderentwéckelt huet: 2004 koum et zu der Unerkennung vun de Partneriater, dem Pacs, als Alternativ zum traditionelle Bestietnis. Zanter 2014 ass, wéi mer wëssen, och d'Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppelen zu Lëtzebuerg gesetzlech verankert. Zousätzlech gesäit een eng weider considerabel Zounam vu Familles monoparentales souwéi vu Patchworkfamilljen. An dës Entwicklungen hunn, ënner anerem, derzou gefouert, datt den aktuelle juristesche Kader net méi de Besoine vun eiser haiteger Gesellschaft entsprécht. An dofir ass eng Reform vum Adoptionsrecht och onëmgängelech ginn.

Wat sinn elo d'Haaptpunkte vun der Reform? Éischtens, déi zwou Adoptiounsformen, d'Adoption simple an d'Adoption plénière, bleiwe bestoen. Zweetens ass eng gréisser Neierung, déi dora besteet, datt d'Adoptioun, egal a wéi enger Form, elo och fir Persounen zougänglech gemaach gëtt, déi an engem Partneriat liewen oder an enger stabiller fräiwëlleger Liewensgemeinschaft, dem sougenannte „Concubinage“. Dëst erméiglecht et deemno och de Koppelen, déi net bestuet sinn, engem Kand kënnen en Doheim ze schenken.

Nei ass och, dass Eenzelpersounen eng Adoption plénière kënnen maachen. Hei droe mer och engem Arrêt vun der CEDH (ndlr: Cour européenne des droits de l'homme) vum 28. Juni 2007 Rechnung, wou Lëtzebuerg u sech verurteilt gouf, well et eng Adoption plénière vun enger Eenzelpersoun, déi am Ausland

gesprach gi war, heiheim net unerkannt huet, well den Text et ganz einfach net zougelooss huet.

Wichtig ass och ze erwänen, dass d'Alengerzéier definitiv kee Randphenomeen méi hei zu Lëtzebuerg sinn. Egal ob et e bewosste Choix ass oder duerch d'Liewensëmstänn entstan – d'Ziel vun den Alengerzéier huet sech an de leschten zéng Joer a Prozenter verdräifacht.

D'Bestëmmunge betreffend d'Alterskonditiounen goufen harmoniséiert an och kloer definéiert. Eng Persoun, déi eleng adoptéiert, muss mindestens 25 Joer al sinn. Wann zwou Persounen zesummen adoptéieren, muss op d'mannst eng vun hinne 25 Joer, déi aner op d'mannst 21 Joer al sinn. Dëst gëllt allerdéngs net am Fall vun der Adoptioun vum Kand vum Conjoint, Partner oder Concubin.

Fir souwuel déi individuell wéi och déi gemeinsam Adoptioun gesäit de Projet vir, dem Geriicht och d'Méiglechkeet ze ginn, a gerechtfäerdigte Situatiounen, déi beluecht an dokumentéiert musse sinn, vun dëse Bestëmmunge bezüglech deem Mindestalter kënnen ofzeweichen, ofhängeg da vun der jeeweileger Situatioun.

Och déi legal Konditiounen betreffend den Altersënnerscheed tëscht dem Adoptant an dem Adoptéiert reforméiert. Et gëtt festgehalen, datt de Mindestaltersënnerscheed 15 Joer muss sinn, ausser am Fall, wou et sech ëm d'Kand vum Conjoint, Partner oder Concubin handelt – do sinn et zéng Joer.

Am initialen Text war en Altersënnerscheed vu maximal 45 Joer tëscht den Adoptanten an dem Adoptéierte virgesinn. Hei hat de Staatsrot dat kritiséiert. A fir deem och Rechnung ze droen, gouf dëse maximalen Altersënnerscheed dunne aus dem Text erausgeholl.

Eng aner wichteg Neierung betrëfft de Consentement vum Kand. Deemno soll d'Zoustëmmung vum adoptéierte Kand net méi vun engem fixe Mindestalter ofhänken, mee vun der „capacité de discernement“ vum Kand.

Gläichzäiteg ass kloer festgehalen, datt och erwuesse Persounen, déi am Fall vun enger Adoptioun beträff sinn, selwer mussen ausdrécklech zustëmmen, soulaang si dozou nach à même a fäeg sinn.

Wat d'Reegelung bei den Nimm ugeet, esou gëtt dem Adoptéierten d'Méiglechkeet ginn, säin Numm bäizebehalen oder en ze kombinéieren mat deem vum Adoptant. Och eng Ännerung vun de Virnimm ass méiglech op Demande an ënner gerichtlecher Autorisatioun.

D'Texter vun eise Code civil goufen an dësem Kontext op villen anere Plazen och technesch ugepasst an harmoniséiert, fir dem neie legale Kader dann och Rechnung ze droen. Verschidde méi al Bestëmmunge goufe gestrich an déi nei Reegelen hu kloer definéiert, wéi wéini a wéi eng Adoptionsform ufroe kann.

D'Reform dréit och de Recommandatiounen vun internationale Konventiounen an och vum Europäesche Menschenrechtsgerichtshaff Rechnung. Si schafft e legale Kader, deen d'Bedierfnisser vu moderne Familljestrukture respektéiert an d'Wuel vum Kand als Grondprinzip an den Zentrum vun all den Entscheedungen stellt.

Domat wier ech u sech um Enn vu mengem Rapport ukomm a verweise fir weider, méi spezifesch Detailer op mäi schrëftleche Rapport.

A wann Der erlaabt, Här President, géing ech d'Wuert dann nach froen als Spriecher vu menger Fraktioun.

Discussion générale

Ech si perséinlech ganz frou, dass mer dësen Text haut am Plenum um Ordre du jour hunn, well ech

a mengem fréiere Liewen als Affekot ganz vill am Domän vun den Adoptiounen geschafft hunn. Eng Matière, déi ech richteg gär gemaach hunn, well een d'Freed vun de Leit gesinn an och gespiert huet, wann d'Prozedur bis ofgeschloss war an d'Adoptioun vun engem Kand oder och vu méi Kanner vollzu war.

Heiansdo war et awer och manner schéin. Déi eng oder aner Adoptioun ass net duerchgaang, well de legale Kader verschidde Situatiounen net virgesinn huet oder carrement deelweis ausgeschloss huet. An ech ginn Iech do och gär e konkreet Beispill.

Eng gepacste Koppel konnt selwer keng Kanner kréien. D'Fra huet dunne duerch eng kënschtlech Befruchtung Zwillingen op d'Welt bruecht. De Liewenspartner wollt doropshin déi zwee Kanner adoptéieren via eng Adoption plénière. Well d'Koppel awer net bestuet war, mee just gepacst, konnt de Partner se awer net adoptéieren, well eis Texter dat net virgesinn hunn. Bon, dat war e Choix vun den Elteren oder vun de Leit, sech net ze bestueden. Dat muss ee respektéieren. Ech hunn hinnen d'Optioun opgewisen, datt et méiglech wier, wa se sech géife bestueden, datt mer d'Adoptioun da kéinte maachen. Dat wollte se awer net.

An dësem Gefill vun Ongerechtegkeet an Diskriminatioun goufe si u sech bestätegt, och vun eise Gerichter, éischt Instanz an Appel, mee d'Gerichter konnten net no Gefiller jugéieren. Si hu missen d'Texter applizéieren an esou gouf d'Demande ofgeleent an d'Kanner konnten net adoptéiert ginn iwwer eng Adoption plénière.

Dëst just als eng kleng Anekdot aus der Praxis vum Terrain, déi weist, dass eis Texter a punkto Adoptioun scho laang net méi zäitgeméis sinn an och adaptéiert musse ginn, fir deenen dote Situatiounen Rechnung ze droen.

Wéi ech virdru sot, ass de juristesche Kader vun den Adoptiounen zënter 1989 net méi geännert ginn, soudatt mer haut en Text diskutéieren, deen eng wichteg an noutwendeg Moderniséierung vum Adoptionsrecht zu Lëtzebuerg bréngt – eng Reform, déi zäitgeméis, néideg an och iwwerfällg ass. Dësen Text wäert d'Gesetzgebung zur Adoptioun un déi gesellschaftlech Realitéiten vum 21. Joerhonnert upassen an och déi sozial Gerechtegkeet an eise Familljerecht stärken.

D'Reform war schonn ënnert der vieregter Regierung op den Instanzewee bruecht ginn a setzt och elo konkreet ëm, wat am Koalitionsaccord vun der aktueller Regierung zeréckbehalde gouf: D'Recht op Adoptioun gëtt fir net bestuet Koppelen souwéi Eenzelpersounen opgemaach, an dat, fir verschidden Ongerechtegkeeten aus der Welt ze schaffen.

Et gi familiär Realitéiten unerkannt, déi u sech scho ganz laang existéieren, mee deem an eiser Legislatioun u sech bis elo nach net Rechnung gedroe gouf. An dat gëtt net aus ideologesche Grënn gemaach, mee aus Grënn vu Verantwortung; Verantwortung vis-à-vis vun de Kanner, déi eng Famill brauchen; Verantwortung vis-à-vis vun de Menschen, déi sech bereet erklären, Léift, Zäit an Engagement un en anert Mënschewiesen ze ginn.

Ech ginn nach emol gär kuerz op déi konkreet Ännerungen an.

Éischtens: Déi zwou Adoptiounsformen bleiwe bestoen. Dat heescht op där enger Säit d'Adoption simple: D'Lienen zu der biologescher Famill bleiwen erhalten, et besteet also eng duebel Famillbeziehung. An op der anerer Säit d'Adoption plénière: Et kënn zu engem komplette Broch mat der biologescher Famill, déi adoptéiert Persoun huet nëmmen nach

legal Verbindungen zu den Adoptivelteren. D'Bäibehale vun der Adoption simple ass e bewusste Choix gewiescht an en ass och richtig. Dës Form vun Adoption huet sech an der Praxis als sénnvoll a flexibel gewisen, besonnesch an net traditionelle Familljekonstellatiounen. Et gouf zwou Reformen, dat an der Belsch 2001 (veuillez lire: 2003) an a Frankräich 2022, déi och daitlech gemaach hunn, dass d'Adoption simple net nëmme gesellschaftlech akzeptéiert ass, mee och eng relevant a bewäert Léisung duerstellt, fir de Besoin vu Familljen hautdesdaags kënnen gerecht ze ginn.

Zweetens: d'Ouverture fir d'Liewenspartner. Den Text gesäit vir, d'Adoption och fir Koppelen opzemaachen, déi an engem gesetzleche Partenariat oder an engem Concubinage liewen. Domat gëtt och den net bestuetene Koppelen erméiglecht, engem Kand e stabil a liewenswäert Heem ze bidden. Dës Forme vu Liewensgemeinschaften si mëttlweil eng gesellschaftlech Realitéit. Déi sinn net méi vun der Hand ze weisen, an et ass och nëmme konsequent, datt och d'Gesetz dëszer Entwécklung Rechnung dréit. Gläichzäiteg droe mer heimat och de juristesche Verpflichtung Rechnung, déi sech aus internationalen a speziell aus europäesche Konventionen zur Adoption erginn.

Drëtens: d'Adoption plénière duerch Einzelpersonen. Bis elo war et fir eng Einzelperson just an engem ganz konkrete Kader, nämlech wa se mam Elterendeel vum Kand bestuet war, méiglech, eng Adoption plénière ze maachen. Dat ass de Fall vum Dossier, deem ech virdru genannt hunn: de Liewenspartner, deem déi zwee Kanner net adoptéiere konnt. Eng Ongerechtegkeet, déi elo aus der Welt geschä gëtt. An aus deem Grond ass déi virgeschloen Ännerung vum Gesetz besonnesch begrëssenswäert, wichteg a richtig an engem moderner Gesellschaft.

D'Jurisprudenz vun der Cour européenne des droits de l'homme – a besonnesch d'Affär Wagner géint Lëtzebuerg – huet daitlech gemaach, dass verschidde Bestëmmungen, wéi se bis elo an eise Gesetz waren a stoungen, als diskriminéierend ugesi kënnen ginn. Dës Reform ass deemno net nëmme en nationale Schrëtt fir méi Gerechtegkeet, mee och eng Äntwert op europäesch Rechtsprinzipien an e Bekenntnis zu eiser internationaler Verantwortung.

Mir hunn d'Flicht, déi juristesche Onkloerheeten ze behiewen, fir d'Rechter vu Familljen a Kanner ze schützen, déi an eise Land liewen. Et geet deemno och ëm d'Vertrauen an de Rechtsstaat an ëm eis Capacitéit als Legislatuer, déi noutwendeg Ännerungen un eisen Texter virzuehuelen, déi sech imposéieren.

E weidere wichtige Fortschritt vum Text besteet och doranner, dass d'Meenung vum Kand endlech déi Bedeitung kritt, déi hir zousteet. Amplaz dass just den Alter entscheidend ass, steet elo d'Maturitéit vum Kand am Mëttelpunkt. D'Kanner, déi fäeg sinn, ze verstoen, wat eng Adoption bedeit, kréien d'Méiglechkeet, hir Meinung dozou auszedrécken. Dat ass och e kloert Signal am Sënn vum Kand sengem Recht, seng Meinung kënnen auszedrécken, esou wéi et och vum Okajü a vun der Commission nationale d'éthique gefuerdert gouf, dës dann och am Aklang mat eiser Verfassung, wou d'Rechter vum Kand bei der Reform nach emol gestärkt gi sinn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, et muss een nach eng Kéier kloer soen: Eng Adoption ass kee Recht vun enger Persoun, e Kand ze hunn, mee d'Recht vum Kand, eng Famill ze hunn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Charles Weiler (CSV) | Eng Famill, déi him Léift, Stabilitéit, Gebuergeheet an eng Perspektiv bitt. Ech mengen, dat kann een net oft genuch betounen.

An dëse fundamentale Prinzip, den Intérêt supérieur de l'enfant, muss an all Etapp vum Adoptionsprozess déi féierend Richtlinn sinn. Net d'Familljesituatioun vum Demandeur oder d'Decisiounen, déi een am Liewe geholl huet, stinn am Mëttelpunkt, mee d'Fro: Ass dës Adoption am Intérêt vum Kand? Dat ass déi Fro, déi beäntwert muss ginn!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Charles Weiler (CSV) | An et ass och an deem Sënn, dass d'Justiz weiderhi mat Nodrock analyséieren a kontrolléiere wäert, ob eng Adoption am Interessi vum Kand läit, onofhängeg vun der Form oder Konstellatioun vum deene Leit, déi eng Demande stellen.

Dës Gesetz mécht eng Adoption net méi einfach, mee et mécht se awer weesentlech méi gerecht. Et schaaft nei Perspektiven fir déi Kanner, déi eng Famill sichen, an dat op eng verantwortungsvoll Aart a Weis, am Respekt vun Transparenz, Rechtsstaatlechkeet a virun allem am Respekt vun de Rechter vum Kand.

Mat dëser Reform setze mer e staarkt Zeeche fir méi Gerechtegkeet a méi Unerkennung vun de villfältige Liewensmodeller, déi mer hautzudaags kennen, an dësen Text äntwert op d'Realitéit vum Liewen an op d'Bedierfnisse vun de Familljen, sou wéi et sech och an engem modernen an oppene Staat géhiert.

Ech ginn heimadder den Accord vun der CSV-Fraktion an ech soen Iech e grouse Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weiler, och fir Äre Schrëtlechen a fir Äre mëndleche Rapport. Da geet d'Wuert un déi éischt ageschriwwen Riednerin. Dat ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, de virleiende Gesetzesprojet, deem d'Adoptionsrecht erweidert, reit sech an an eng Serie vu wichtige gesellschaftspolitesche Reformen, déi säit 2013 mat der DP an der Verantwortung ugaange goufen.

Ech denke virop un de Mariage pour tous, e wichtege Text a Richtung Gläichberechtegung, deem 2014 ënnert dem deemolege Premier Xavier Bettel gestëmmt ginn ass. Ech denken un d'Afféierung vum selwechte legale Mindestalter fir Mann a Fra beim Bestietnis, d'Ofschafe vun der zweeter obligatorescher Berodung fir Fraen, déi sech fir eng Ofdreiwung entscheeden, wéi och un d'Erweiderung vun der Adoption fir gläichgeschlechtlech Elteren.

Duerch all dës Gesetz huet sech eist Land positiv entwéckelt. Fir d'DP ass Inklusioun e Mënscherecht. All Bierger huet e Recht op Selbstbestëmmung a soll kënnen d'selwecht um gesellschaftleche Liewen deelhuelen.

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Als DP begrësse mir dofir och dës Reform vum Adoptionsgesetz ausdrécklech, en Text, dee schonn ënnert der viregter Regierung deposéiert gouf.

Inegalitéit bei Adoptionen ofzeschaffen, ass a war säit Joren eng Fuerderung vun der Demokratescher Partei. Net fir näischt stoung d'Erweiderung vum Adoptionsrecht 2023 och an eise Walprogramm.

Domat dréit dës Reform, déi mir haut hei stëmmen, net just kloer och d'Handschrëft vun der Demokratescher Partei, si ass och e weidere Schrëtt an déi richteg Richtung, nämlech déi, déi och de Famillje vun der haiteger Zäit – Partner, onbestuete Koppelen an Einzelpersonen – et erméiglecht, als genee dat mat hire Kanner ze liewen, nämlech als Famill.

Jo, d'Definitioun vun der Famill ass haut net méi déi selwecht wéi an de 50er- oder och nach an den 90er-Joren. D'Kollegin Simone Beissel hat et scho bei der Verfassungsreform 2023 gesot, wou si iwwert d'Grondrechter geschwat huet. De Begrëff vun der Famill huet iwwer Zäit evoluéiert. Single Parents, homosexuell Koppelen, och si si Familljen an och si hunn en Usproch an e Recht, als dat an eiser Gesellschaft unerkannt ze ginn. Dësem Recht si mir mat der Verfassungsreform e ganz weesentlech Stéck méi no komm, andeems mer kloer verankert hunn, dass all Mënsch selwer, mee och seng Famill, d'Recht huet, respektéiert ze ginn.

Haut gëtt et vill méiglech Familljekonstellatiounen, mat bestueten Elteren, net bestueten Elteren, gepacsten Eltere souwéi och Elteren, déi an enger Partnerschaft liewen, awer och elengerzéiend sinn. All dës Forme vum Zesummeliewen hunn an eisen Aen dee selwechte Stellwäert an eiser Gesellschaft a mussen dofir och rechtlech d'selwecht behandelt ginn.

Dat gëllt och bei der Adoption, wou awer eeben eist Adoptionsrecht nach zum Deel op de Modeller vu fréier baséiert huet. Mat dësem Gesetzesprojet passe mir also den Text de Realitéit vun haut un an droen domadder dozou bäi, Lëtzebuerg als Land gesellschaftspolitesch nach méi modern ze maachen. A mir setze mat dësem Gesetz och e kloert Zeeche fir d'Fräiheet an d'Selbstbestëmmung vu jidder Eenzelnem, Valeuren, déi an eiser demokratescher Gesellschaft fundamental sinn an déi och zu der DNA vun der Demokratescher Partei zielen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, och den Intérêt supérieur vum Kand gëtt mat dësem Text consideréiert. Domat ass de Projet och en Deel vun engem méi breeden Effort, d'Kannerrechter ze stäerken, zu deem och d'Verfassungsreform zielt, wou de Schutz vum Kand massiv gestärkt ginn ass. Am Kapitel iwwert d'effentlech Fräiheete goufen nämlech d'Rechter vum Kand ganz kloer op Verfassungsniveau verankert an esou nach emol als Grondrecht vun a fir all Kand gestärkt.

Als kleng Rappel: An all Decisioun, déi d'Kand concernéiert, soll d'Kand kënnen matschwätzen. All Kand soll seng fräi Meinung kënnen matdeelen. All Kand soll bei Decisiounen, déi et concernéieren, kënnen matdecidéieren. An all Kand huet Recht op Schutz an alles dat, wat et brauch, fir wuel a gesond opzewuessen. Mat dësen Artikelen krut d'UN-Mënschenrechtskonvention och zu Lëtzebuerg Verfassungsrang an eis Rapportrice deemools, d'Simone Beissel, hat et scho gesot: Et war an et ass e ganz groussen a wichtege Schratt zum Schutz vun eise Kanner, déi all e Recht hunn, gesond an ouni physisch oder psychesch Hürden opzewuessen.

A genau dës roude Fuedem spanne mir mam Gesetzestext vun haut och virun. De Gesetzesprojet gesäit nämlech vir, d'Kanner am Kader vun hirem Adoptionsprozess ze héieren. Si ginn net nëmme no hirer Meinung gefrot, nee, den Text geet méi wäit, a Kanner, déi sollen adoptéiert ginn, mussen esouwäit wéi méiglech och hiren Accord ginn, fir d'Prozedur ze vervollstännegen.

Als DP begrësse mir dës Mesuren, déi och den internationale Recommendationen am Kader vum Kannereschutz an de Kannerrechter entsprechen. Kanner, déi déi néideg Capacitéit de discernement hunn, also déi néideg Maturitéit, fir esou eng Decisioun ze huelen, mussen mat der Adoption averstane sinn. D'Adoption kann also an dës Fäll net iwwert d'Käpp vun de Kanner ewech entscheet ginn.

A punkto Justice fir d'Kanner mussen mir zu Lëtzebuerg awer nach eng Schëpp bäileen. Ech denken un

d'Reform vum Jugendschutz a vum Jugendstroofrecht, déi allebéid vun der fréierer DP-gefouierter Regierung op den Instanzewee bruecht goufen a wou et, notament wat d'Jugendstroofrecht ugeet, drëms geet, kloer Prozedure fir d'Kanner ze schafen an d'Kannerrechter dobäi och ze stäerken. Ech denken awer och un déi automatesch Unerkennung bei Kanner vu gläichgeschlechtlechen Elteren, déi et zu Lëtzebuerg nach net gëtt. Dës automatesch Unerkennung ass am Koalitiounsaccord virgesinn a soll fir eis als DP, sou wéi ech et rezent nach mam Corinne Cahen an enger Question parlementaire ugeschwat hunn, och ëmgesat ginn.

Här President, d'DP setzt sech scho laang fir d'Gläichberechtigung vun de Bierger an alle Beräicher an. Just well eppes schonn ëmmer sou war, heescht dat net, dass d'Gesellschaft sech net weiderentwéckelt. Upassung brauche wuel hir Zäit. Si sinn och net ëmmer evident an erfuere munchmol Erklärungen a Versteesdemech, mee si sinn néideg, fir ze garantéieren, dass mir och weider an enger gerechter Gesellschaft liewen, an där jiddereen déi selwecht Rechter huet an net duerch gesetzlech Inegalitéiten diskriminiert gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | D'DP wäert sech weiderhin derfir asetzen, eis Gesellschaft no vir ze bréngen, a sech deemno fir Mesüeren a Richtung Gläichberechtigung engagéieren, well mir sti fir eng Gesellschaft, wou jidderee gläich zielt.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Ech ginn heimad der Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Hartmann. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, mir stëmmen haut e ganz, ganz wichtige Gesetzesprojet, deen enger Reform vum Adoptiounsrecht Rechnung dréit, moderniséiert an eisem Land gerecht gëtt, fir dass et endlech zäitgeméis gëtt an awer am 21. Joerhonnert ukënn.

D'Motivatioun, d'Grënn, fir ze adoptéieren, ech mengen, déi kann een an engem anthropologesche Gesellschaftlechen, historieschen a soziale Kontext kucken. An déi Grënn a Motivatiounen, déi si verschidden. A wann ee bëssen d'Geschicht kuckt vun der Adoptioun vum Mëttelalter un: Dat ka goe vum Staat, deen der Meenung ass, dass e Kand muss geschützt ginn, a Praxissen do ëmsetz – déi Approche, déi Philosophie, besteet deelweis och nach haut, quitte dass se sech an engem nationalen, internationale Kontext abett – bis halt eeben zu dem Wonsch, e Kand ze kréie respektiv eng Famill ze grënnen an e Kand ze erzéie mat ganz vill Léift, Zouneigung a Gebuergeheet. D'Grënn an d'Motivatioun si verschidden. An eise Rôle ass et, deene Rechnung ze droen an engem Kader vun engem legislativen, moderne Kontext.

Adoptiounen gëtt et an engem nationalen an internationale Kontext. An och do ass et wichteg, sech ze konforméieren. A wa mer haut iwwer eng Modernisatioun schwätzen, da schwätze mer natierlech, och wa mer et net direkt hei an deemem Gesetz behandelen, iwwert d'Effets juridiques, déi eng Adoptioun herno och mat sech bréngt, och den Ënnerschied tëscht „simple“ oder „plénière“ – mee do si Liens de filiation vun der Successioun – souwéi och déi méi modern

Notioun vun der Parentalité, déi hei deementspriedend spillt. Elteren iwwerhuelen eng Responsabilitéit géigeniwwer vu Kanner. Et entsteet och en Transfert vu Rechter. Elteren a Kanner kréie Rechter. Et ass generell, mengen ech, e bëssen esou e komplexe Kader, an deem dat Ganzt sech och beweegt, mee wou den Interêt vum Kand virun allem am Vierdergrond steet.

D'Adoptiounsméiglechkeeten zu Lëtzebuerg sinn also e Sujet, deen effektiv säit enger Zäit net onbedéngt der gesellschaftlecher Realitéit ugepasst ass, an et hunn och Inegalitéiten bestanen. An haut schafe mer domadder Remedur. Als Beispill – an et ass och schonn ugefouert ginn –: de Pacs. Dee gëtt et säit 2004 zu Lëtzebuerg an et war bis elo net méiglech, dass eng gepacste Koppel e Kand adoptéiert, och wa se, wéi gesot, dee Besoin gespuert huet an d'Volontéit och do war. An natierlech kann een do – an dat huet natierlech mam Gesellschaftsbild ze dinn, mam Familljemodell ze dinn – an déi Richtung argumentéieren, dass d'Bestietnis den traditionelle Familljemodell ass, deen ee mat engem Kand verbënnt. Mee och dat ass hautzudaags am 21. Joerhonnert absolut net méi zäitgeméis.

2004 ass den deemolege Gesetzesprojet iwwert de Pacs deposéiert ginn, fir de Koppelen, déi sech aus verschiddenste Grënn net wollte bestueden oder konnte bestueden – och homosexuelle Koppelen, mee säit 2014 hu mer wéi gesot jo och effektiv de Mariage pour tous –, deementspriedend effektiv och en offizielle Statuttkarakter ze ginn. Mee eng Adoptioun war an deem Kontext net méiglech. An et war natierlech nach ëmmer en Ënnerschied par rapport zu der Adoptioun, ob ee bestuet war respektiv net bestuet war.

A Frankräich ass d'Adoptioun duerch gepacste Koppelen elo scho säit 2022, also säit gutt dräi Joer, méiglech a säit deem nammlechte Joer ass och eng Adoptioun am Concubinage méiglech. Dat heescht, am franséische Modell – dee gëtt et elo, wéi gesot, säit dräi Joer – gëtt et déi Méiglechkeeten och fir Einzelpersonen, eng Adoptioun kënnen virzehuelen. Also, mir inspiréieren eis, wéi gesot, un deem heite Modell.

A Lëtzebuerg geet jo, wéi gesot, och op dese Wee, och wann d'Commission consultative des droits de l'homme richtegerweis an hirem Rapport gesot huet, dass mer hei zu Lëtzebuerg laang Zäit gebraucht hunn. Ech mengen, haut si mer prett, deen dote Wee ze goen. De Gesetzesprojet – et ass gesot ginn – ass deementspriedend och vun der viregter Regierung deposéiert ginn.

Bon, déi zwee existéierend Adoptiounsmodellen, déi mer hunn, d'Adoption simple an d'Adoption plénière, ginn natierlech bäibehalen. A meng Virriedner sinn drop agaangen.

Natierlech, de Consentement, d'Meenung vum Kand, dat ass eppes, wat en consideration geholl gëtt. An d'Avisé vum OKaju a vun der Commission nationale d'éthique ënnersträichen et nach eng Kéier ganz kloer. Dat bleift och en zentrale Punkt, mengen ech, an desen Adoptiounsméiglechkeeten, déi mer hunn.

An enger gepacster Koppel d'Méiglechkeet ze ginn, e Kand adoptéieren ze kënnen, ass natierlech och e weidere Schrëtt an eng méi oppen an och divers Gesellschaft, an där mer eis hautzudaags befannen.

Ech mengen, de Kannerwonsch ass awer och eppes, wat ee kloer onofhängeg vum Koppelmodell – wann iwwerhaapt – betruuechte muss. Deemno ass dee bei gepacste Koppelen genesou present wéi bei bestueten. Also, wéi gesot, de Familljemodell vun hautzudaags ass net méi dee wéi virun 20 oder 30 Joer. An

als LSAP begréisst mer natierlech ganz kloer dës Reform. A mir hate se och an eisem Walprogramm stoen.

Déi nei Adoptiounsméiglechkeete bei Einzelpersonen sinn also, wéi gesot, awer och näischt ganz Neies, well de Code civil d'Méiglechkeet gëtt, datt eng Einzelperson kann d'Kand vu sengem Conjoint adoptéieren. An awer krute mer duerch den Arrêt vum Mënschege-riichtshaff vum Joer 2007, wou d'Adoptioun vun engem peruanesche Kand duerch e Lëtzeburger Resident net zu Lëtzebuerg unerkannt ginn ass, Jurisprudenz, déi eis och forcéiert huet, mengen ech, an déi heite Richtung ze goen, an och déi heiten Texter an d'Rulle bruecht huet. An ech mengen, d'Adoptioun och bei Einzelpersonen an och bei Concubins ass och eng Upassung un aktuell a modern Realitéiten hei an eiser Gesellschaft.

An egal wéi eng Form: Den Interêt supérieur vum Kand steet ëmmer am Vierdergrond, säi Wuelbefannen, seng Entwécklung, säin Entfalten, seng Selbstbestimmung. D'Rechter vum Kand hu mer jo neierdengs ganz kloer an der neier Verfassung verankert. Ech mengen, och dat ass e wichtige Kader am Kader vun deemem Gesetz, deen ee ganz kloer hei ze betruuechten huet.

Wann een e bëssen e Bléck an den Aktivitéitsrapport vun der Justiz vum Joer 2023 werft, da gesäit een, dass 106 Adoptiounsjugementer beim Bezirksgeriicht an éischter Instanz gesprach gi sinn. Dovunner waren der 70 Adoptions simples an 22 Adoptions plénières. An et sinn och nach 125 Demandé weider traitéiert ginn. Mir kënnen also och dervun ausgoen, wa mer hei d'Adoptiounsrecht moderniséieren, dass sécherlech och d'Zuel vun den Adoptiounen an d'Luucht wäert goen, wat natierlech och en Impakt op d'Aarbecht vun der Justiz huet, vun der Magistratur. D'Reforme si jo an d'Weeër geleet ginn, fir nei Magistraten ze rekrutéieren. Ech mengen, e Corollaire heivunner wäert sécherlech sinn, dass mer och hei um Niveau vun der Justiz weider Efforten a punkto Rekrutementen maache wäerten, well dëst Gesetz do sécherlech en Impakt wäert hunn.

Op verschidde Plaze vum Gesetz respektiv vun de Rapporten – awer och vun der Kommissioun – gëtt natierlech och iwwert d'PMA, iwwert d'Procréation médicalement assistée, geschwat. Si gëtt erwänt. Bon, si gëtt natierlech am Kontext vun deemem Gesetz hei net ugepak. Mee déi viregt Regierung huet awer och e Gesetzesprojet, de 7674, op den Instanzewee bruecht, fir der PMA hei zu Lëtzebuerg e legale Kader ze ginn, an d'LSAP ass ganz kloer derfir, dass mer déi Méiglechkeet zum Accès zu der PMA och solle weiderdreien. Et steet och am Koalitiounsaccord. An ech mengen, et ass eng ganz wichtig, dass dee legale Kader ganz kloer geschafe gëtt. An dofir och hei d'Ermutegung un déi aktuell Regierung, de Projet vun der viregter Regierung, wou d'LSAP mat am Boot war, deementspriedend weiderzedreien.

En anere Punkt, deen awer och net am Kontext vun deemem Gesetzesprojet behandelt gëtt, ass déi automatesch Unerkennung bei der Adoptioun vun den zwee Elterendeeler vun nammlechten, bon, Geschlecht. Dat ass nach e kleng Bemoll. Mee och do, mengen ech, steet am Koalitiounsaccord, dass dat soll nogebessert ginn. Wann Dir dat à part wëllt maachen, hutt Der do, mengen ech, och de Support vun der LSAP, fir och dat ze maachen.

Also ganz kloer: Als LSAP sti mer fir eng oppen, villfältig, modern a gerecht Gesellschaft. A bei alleguerten de Reformen, déi an déi dote Richtung ginn, kënn Der op eis zielen. Ech mengen, do ass d'LSAP mat dobäi, well mir brauchen eng Gesellschaft, wou all Mënsch seng Liewens- a Familljegestaltung fräi decidéieren an och deementspriedend gestalte kann. An

um Gesetzgeber, mengen ech, ass et dann och – an dat maache mer och haut –, de Kader ze setzen, fir dëst ze erméiglechen.

Eis Gesellschaft – an dat mierke mer jo all Dag – bleift net stoen. Déi entwéckelt sech kontinuéierlech weider. Si ass pluralistes, si ass divers. An un eis ass et, wéi gesot, deem Zäitgeescht och Rechnung ze droen a Bestriewungen nozekommen, deene Rechnung ze droen, fir dat ëmzesetzen.

Dofir droe mer och als LSAP deen heiten Text mat an ech ginn och heimadder den Accord. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Deen nächste Riedner ass den Här Dan Hardy. Här Hardy, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte wëll ech un déi generell Haltung vun der ADR zum Sujet Adoptioun erënnere. Mir als ADR setzen eis derfir an, datt d'Adoptiounsrecht esou gestalt gëtt, datt méiglechst vill Länner bereet sinn, Kanner, déi eng Famill sichen a brauchen, och u Lëtzebuurger Familljen ze vermëttelen. D'Zil vun der Adoptioun ass et, de Kanner dat familiäert Ëmfeld ze ginn, dat d'Ursprungsfamill net méi kann oder wëll bidden. Eis als ADR ass et wichtig, datt dobäi déi beschtméiglech psychologisch Bedéngunge geschaf ginn, déi der Entwécklung vum Kand zeguttkommen. D'ADR wäert Adoptiv- a Fleegeeltern och konsequent ënnerstëtzen an hiren Engagement fir d'Wuel vum Kand honoréieren.

Déi verschidden Avisen zu dësem Gesetzesprojekt, deen zënter dem 31. Mee 2023 um Instanzewee ass, weisen, datt d'Adoptioun e wichtige, awer och keen einfache Sujet ass, an datt een op viles muss oppassen, wat den Adoptant respektiv den Adoptéierten ugeet. An der Haaptsaach geet et hei dorëms, de Wee vun der Adoptioun weider opzemaache fir Leit, déi bis elo net hunn dierfen e Kand adoptéieren. Dëst betrëfft ënner anerem gläichgeschlechtlich Koppelen. An och fir Persounen, déi e Partenariat ënnerschriwwen hunn oder déi en concubinage zesummeliewen, soll d'Adoptioun opgemaach ginn. Awer och eng Einzelpersoun, déi net an der Koppel leeft, kann domadder eng Adoptioun ufroen.

D'Begrënnung fir dës leschte Punkt ass d'Affär Wagner – den Här Biancalana hat se schonn ugeschwat –, wou Lëtzebuerg condemnéiert ginn ass, well eng sougenannt Adoption plénière vun enger Lëtzebuurger Fra, déi eleng e Kand am Ausland adoptéiert hat, hei zu Lëtzebuerg net uerkannt ginn ass.

Mol dovun ofgesinn, datt mir der Meenung sinn, datt all Kand soll d'Chance hunn, eng Mamm an e Papp ze hu respektiv ze kréien, bréngt dës Situatioun nach aner Aspekt mat, déi net esou evident sinn, sou zum Beispill den Aarmutsrisiko. Mir hunn ëmmer nees de Sujet Kannerarmut an Aarmutsrisiko hei an der Chamber. D'Aarmut ass e wichtige Sujet, bei deem mir eis och all eens sinn, datt ee preventiv schaffen an entgéintwierke muss, esouwäit dëst méiglech ass. Et ass eis bewosst – an och dat gëtt ëmmer nees thematiséiert an iwwer Statistiken festgehal –, datt déi Alengerzéiend besonnesch staark vum Aarmutsrisiko beträff sinn. Wa mer d'Adoptioun also fir Einzelpersounen opmaachen, bedeit dat och, datt mir bewosst Situatiounen förderen a schafen, bei deenen den Aarmutsrisiko immens héich ass.

Dëst ass definitiv net am Sënn vun de Kanner. An et ass och de Géigendeel dovun, woufir soss hei plädéiert gëtt, nämlech preventiv ze schaffen an der Aarmut, der Kannerarmut am Besonneschen, entgéintzewirken. Mammen oder Pappen, déi duerch

d'Liewensëmstänn, duerch Schicksalsschléi, alengerzéiend gi sinn, hunn et dacks net einfach, net just finanziell, mee och organisatoresch, fir alles ënner en Hutt ze kréien. Si befanne sech an enger dacks schwieriger Situatioun, déi si sech net esou erausgesicht hunn.

Wa mir elo déi Situatiounen bewosst schafen, ass dëst fir all Bedeelegten zum Nodeel. De Wonsch no engem Kand an no Elterenschaft ass wuel verständlech. Mee et gëtt kee Recht op e Kand, well e Kand ass keng Wuer! Och d'Kannerrechtskonventioun gesäit vir, datt e Kand e Recht op eng Famill huet. Mee et gëtt kee Recht op e Kand!

E Punkt, dee mir allerdéngs begrëissen, ass deen, deen d'Recht vum Kand stärkt an domat och seng Dignitéit. Dëst ass en Aspekt, deen eng ADR ënnerstëtzt an dee mir och néideg a gutt fannen. D'Upassung vum Artikel 356 suergt derfir, datt net méi just Jugendlecher, déi méi wéi 15 Joer hunn, hiert perséinlecht Averstännis zu der Adoptioun musse ginn. Mam neien Text gëtt dëst Recht ausgebaut, esoudatt dat net méi just fir Jugendlecher vun engem bestëmmten Alter u gëllt. Hei soll all entscheidungsfäegen Adoptéierten, ob dës manner- oder volljäreg ass, senger Adoptioun seng perséinlech Zoustëmmung ginn, eier et zur Adoptioun kënnt.

Mir fannen dëst e gudden a wichtige Punkt, well wéi och den OKaJu et souguer a sengem Avis ganz gutt geschriwwen huet, muss den Interessi vum Kand iwwer dem Interessi vum Adoptant stoen an datt et net einfach där d'Interessi goen, Leit, déi e Kand wëllen, dës Wëllen ze erfëllen. Den Interêt supérieur de l'enfant ass dat, wat un éischter Plaz stoe muss. Genau där Meenung si mir och.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech komme schonn zum Schluss. Et gëtt een d'Gefill net lass, datt duerch de Koalitionsaccord dës Regierung all Gesetz esou séier wéi méiglech duerchréie wëll, ouni sech wierklech Zäit derfir ze huelen, wat dës Verännerungen, oder besser gesot Rechter, u Konsequenzen no sech zéien.

Als ADR wäerte mir dës Gesetzesprojekt net matstëmmen an eis enthalten. Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madam Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, ech muss mech elo ee Moment sammelen, entschëllegt. Merci, Här President.

(Interruption par M. Fred Keup)

Ech hat geduecht, Dir wäert fir d'Meenungsfreiheet, Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Majo, gären.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Maja, très bien. Da loosst mer meng och, wannechgelift.

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

Bon, et si scho ganz vill wichtig Bemierkungen haut gemaach ginn. Et ass net üblech, mee ech soen awer elo dem Rapporteur e ganz grouse Merci fir säin detailléierte Rapport. En huet all déi weesentlech Punkte beliicht. An ech sinn och ganz frou, dass d'Regierung dee Projet hei weidergedriwwen huet.

Et ass en extreem wichtige Projet, dee mer op den Instanzewee bruecht haten. Et ass, mengen ech, ee vun deene Projeten, wou ech am éftste gefrot gi sinn: „Wéini kënnt en endlech?“ Well et mierkt een, dass wierklech e Besoin dofir do ass, déi Situatiounen ze klärféieren an – vill vun Iech hunn déi Situatiounen

beschriwwen – och hei Kloeerheet ze schafen an och eeben d'Méiglechkeete vun der Adoptioun ze erweidern.

Ech wëll mech op dat Weesentlecht am Fong elo konzentréieren. Ech widderhuelen elo net nach eng Kéier alles, wat am Text draest. Well de Projet ass wierklech keen technesch Detail an et ass eng ganz konkret Verbesserung fir d'Liewe vun enger ganzer Rei Mënschen. An et geet hei ëm Kanner, déi wierklech extreem vulnerabel sinn, well se an enger Situatioun sinn, wou keng Elteren do sinn, fir se grousszéien, dat heescht Kanner, déi frou sinn, dass aner Mammen, Pappen, Mammen a Mammen, Pappen a Pappen, Mammen eleng, Pappen eleng bereet sinn, hinnen eng Famill ze bidden.

Ech weess net, wie mir sinn heibannen, fir ze decidéieren, wat eng Famill ass. A vill vun eis kennen déi ënnerschiddlechste Familijsituatiounen, wou duerch Léift an duerch en Engagement vun engem Elterendeel, vun zwee Elterendeeler, vun zesummegesate Familien de Kanner e gudder Kader gebuede gëtt. An ech fannen et wierklech extreem wichteg, dass mer als Legislatuer och do net e Jugement driwwer ofginn, wie capabel ass, dat ze maachen.

An dat, wat ech elo grad hei héieren hunn, wou gesot gëtt, dass mer wannechgelift fir d'Alengerzéiend keng Adoptioun solle virgesinn, well mer en Aarmutsrisiko fir Alengerzéiend zu Lëtzebuerg hunn, dat ass wierklech extreem schwierig ze héieren an och ze akzeptéieren als Positioun. Well de Fait ass jo deen, dass, wa mer en Aarmutproblem hu fir Alengerzéiend, mer den Aarmutproblem musse léisen. An da kënne mer net Alengerzéiende soen, si dierfte keng Kanner kréien, egal op wéi engem Wee!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | An ech denken, dass mer eis alleguerten – oder quasi all – dann heibannen eens sinn, dass mer deen Aarmutsrisiko natierlech mussen ugoen. Mee d'Solutioun ass net, dass mer soen, dowéinst där e net als Alengerzéiend e Kand adoptéieren.

An d'ailleurs, ...

(Interruption par M. Dan Hardy)

... an d'ailleurs, gläichgeschlechtlich Koppelen kënne scho Kanner adoptéieren. Dat heescht ... Ech weess, dass fir Verschiddener heibannen d'klassesch Famill als eenzeg Léisung gesi gëtt, fir kënne Kanner grousszéien. Mee d'Realitéit weist eis: Et ass net d'Form vun enger Famill, déi zielt, mee d'Stabilitéit an d'Léift, déi se bitt. D'Traditioun dierf keng Excuse sinn, fir engem Kand eng Chance op eng Zukunft ze huelen!

An duerch dës Reform maache mer alleguer zesammen – oder en Deel vun eis dann heibannen, e groussen Deel – d'Adoptioun méi transparent, méi gerecht a virun allem och méi accessibel an ouni dass mer dobäi un d'Rechter vun de Kanner ginn. Well natierlech steet den Interêt supérieur vum Kand am Mëttelpunkt. Net nëmmen hei bei der Adoptioun, mee e steet am Mëttelpunkt vun all eise Politicken, déi mat de Kanner ze dinn hunn. A wourobber baséiere mer dat? Natierlech op international Konventiounen, mee och, glécklecherweis, op eis Verfassung.

Dat heescht, natierlech ass et esou, dass och an deenen heite Situatiounen gekuckt gëtt, wat dat Bescht fir d'Kand ass. An dofir fannen ech dat hei wierklech e Schratt no vir. Mir passen hei déi juristesche Realität un déi sozial Realitéit un. A mir erkennen och un, dass eng Famill net nëmmen duerch Blut definéiert gëtt, mee duerch Verantwortung, duerch en Engagement an emotional Sécherheet.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reform vum Adoptiouns-gesetz ass engersäits e juristeschen Dossier, ma virun allem awer och e mënschlechen an en emotionalen Dossier. Vill Leit, egal ob eleng oder an der Koppel, wënsche sech Kanner. Net jidderes wëll oder ka biologesch Kanner hunn a sicht dowéinst de Wee vun der Adoptioun. Oder e Partner bréngt Kanner mat an eng nei Famill.

Fir vill Kanner hei am Land, an Europa oder der Welt bedeit eng Adoptioun d'Chance op eng eege Famill. Eng Chance, déi all Kand verdéngt. Dëst neit Gesetz ass e wichtige Schratt fir eis Gesellschaft. Et adaptéiert eist Recht un d'Realitéit vum 21. Joerhonnert. Mir erkennen endlech un, datt d'Familljen haut vill méi divers sinn, mir eeben net méi den traditionelle Familljemodell hunn, well dësen existéiert net méi esou schwaarzweiss wéi virdrun. D'Gesetz erméiglecht elo och onbestuete Koppelen, Partnerschaften a Singlepersonen ze adoptéieren. An dat ass e wichtige Fortschritt, deen d'Rechter vun all eise Biergerinnen a Bierger respektéiert an de Kanner méi Chancë gëtt, eng Famill ze fannen. Wat mir besonnesch begrëssen, ass, datt all d'Forme vu Koppelen, ob heterosexuell oder homosexuell, gläich Rechte hunn. Dat ass e wichtegt Signal fir eng modern, tolerant a pluralistescht Gesellschaft.

D'Interesse vum Kand stinn domadder ëmmer am Mittelpunkt. Duerch dës Reform ginn nämlech d'Rechter vun de Kanner gestärkt, fir bei der eegener Adoptioun matzeschwätzen. E Kand mat Ennerscheidungsverméigen huet elo d'Recht, seng Meinung auszudrücken an ze decidéieren, ob et mat der Adoptioun averstanen ass oder net. Dat ass e wichtige Schratt, fir d'Kandperspektiv ze stäerken. An domadder berücksichtegt dës Reform eeben och d'Recommandatione vun OKaJu an anere Mënschenrechtsorganisatiounen. Si hunn eis nämlech gewisen, wéi wichteg et ass, d'Rechter vun de Kanner ze schützen an hinnen eng Stëmm ze ginn, wou se virdru keng hatten.

Mee trotz dëse Verbesserungen, sief mer éierlech, kéint een nach bei enger ganzer Hickecht vu Punkte sécherlech méi maachen, nach méi verbessern. A mir hunn an der Kommissioun zum Deel doriwwer geschwat. Mir hunn dobaussen doriwwer geschwat. Mir hunn op d'Table-ronden en amont doriwwer geschwat. Während dem Walkampf gouf doriwwer geschwat. Ech wëll elo net all déi Argumenter nach eng kéier opwerfen, well et soll een dat heite Gesetz awer elo net klengschwätzen.

Et ass e wichtige Fortschritt fir d'Rechter vun de Kanner, fir all Kand d'Recht op eng Famill ze erméiglechen. Well mir schwätzen hei vun engem Kannerrecht op Famill. An dat Recht gouf an deene leschte Joren a Joerzéngte ganz heefeg duerch komplizéiert Prozeduren, wann net onméiglech gemaach, dann awer ganz heefeg erschwéiert. A genau dowéinst ass dëst Gesetz esou wichteg. Mir sinn iwwerzeegt, datt een ëmmer nach un engem méi kohärente legale Kader ka schaffen an och datt dat heiten en Deel vun engem groussen Ensemble ass. Ech mengen, och doriwwer hu mer scho méi wéi eng kéier geschwat.

Fir d'Zukunft brauche mer dofir och eng komplett Iwwerschaffung vum Filiationsrecht, wou zum Beispill d'automatesch Unerkennung vun zwee gläichgeschlechtlechen Elteren ouni ëmständlech

Adoptiounsprozedur méiglech wier, fir just ee Beispill dann awer erauszegräifen, dat relevant ass.

Am internationale Verglach si mer mat dëser Reform awer endlech um Niveau vun eisen Nopeschlänner ukomm. Laang waren eis Adoptiounsregele ze versteift an hu vill Leit diskriminéiert. Dës Reform mécht aus Lëtzebuerg en e guut Stéck méi modern Land, dat d'Villfältigkeet vu senger Familljen, vu senger Biergerinnen a Bierger respektéiert.

Elo musse mer dann och nach d'Prozedur méi einfach maachen, se manner laangwierig gi loossen a vläicht op verschidde Plazen Automatismen abauen. Den Zäitverloscht bei den aktuellen Adoptiounsprozeduren ass Zäit, déi Kanner an hirer Entwécklung verléieren, déi hinnen en onnéidege Stress generéiert, se onnéideg emotional belaauscht. Mir mussen och d'Begleitung vun Adoptivfamilljen an den Zougang zu psychologescher Ënnerstützung verbessern. Jo, dat ass méi einfach gesot wéi gemaach. Besonnesch awer bei internationalen Adoptiounen oder bei Kanner mat spezifesch Bedürfnissen musse mer derfir suergen, datt mer net nëmme d'Adoptioun méiglech maachen, de Kanner d'Recht op d'Famill ginn, mee hinnen dann och d'Recht ginn, méiglechst gutt do encadréiert ze ginn, an och déi Famillje méiglechst gutt encadréieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Reform – an ech sot et schon –, ass e wichtige Schratt an déi richteg Richtung. An dofir sinn ech frou, datt dës Chamber a grousser Majoritéit hiert Familljebild un d'21. Joerhonnert ugepasst huet, datt déi meescht heibannen net am 19. Joerhonnert stieche bliwwen sinn, wou et eebe just Mann, Fra a vill Kanner doheem gouf a soss net emol eng Tële. Haut ass eis Gesellschaft méi divers. Haut ass eis Gesellschaft eeben déi Villfältigkeet vun Alengergéierenden, vun homosexuelle Koppelen, vun heterosexuelle Koppelen an alles dertëschen an ausserhalb, wéi e Comedian op der däitscher Tële géif soen.

Mir hunn haut also en Ufank gemaach, mee eis Aarbecht ass nach net fäerdeg. Mir mussen dës Wee weidergoen, fir eng méi gerecht a méi inklusiv Gesellschaft opzebauen, wou all Kand d'Chance huet, a Léift a Gebuergeheer opzewuessen. D'Adoptioun ass keng einfach Entscheedung, net fir d'Adoptanten a scho guer net fir d'Kanner, mee et kann deen allerschénsten Neufank sinn, an dofir ass et eis Pflicht als Gesellschaft, dës Wee sou kloer, einfach a fair wéi nëmme méiglech ze gestalten.

An dëst Gesetz ass e wichtige Schratt dohinner an dofir gi mir eisen Accord. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. De Rapportier huet ganz zu Recht drohgewisen, datt et e wichtige Schrëtt ass. Mir hunn Dispositionen aus dem Code civil, déi deelweis fir d'leschte kéier Enn der 80er-Jore geännert gi sinn, wou mer elo druginn an d'Adoptioun opmaachen.

Wéi ech den Text gelies hunn, si mer eigentlech zwou Beweegunge vun zwou Intentiounen an deem Text ervirgaangen. Dat eent ass effektiv d'Opmaache fir aner Modeller vu Famill, eng Adaptatioun un d'Realitéit vun der Gesellschaft vun haut op der enger Säit, an op der anerer Säit awer och d'Stärkung vun de Rechte vum Kand innerhalb vun deem Prozess. Dat sinn, mengen ech, déi zwee Haaptbeweeggrënn.

An iwwert deem Ganze steet eppes, wat ee kéint nennen: iwwerhaupt emol stabil Famillverhältnisse rechtlich kënnen ze schaffen.

Ee vun de Grënn war dat Urteel, op dat mer agaange sinn. Mee doranner sinn nach eng ganz Rëtsch aner gesellschaftspolitesch Reflexiounen agefloss, déi, mengen ech, ganz wichteg sinn an déi och an dësem Text virkommen. Ech mengen, et ass virun allem eng ganz wichteg Adaptatioun am Interêt vun den Elteren. Et ass nämlech och en Text, dee weist, datt et net eng richteg Form vun Eltere gëtt. Et ass e modern, en adaptéiert, en aktualiséiert Familljebild, an dëst am Interêt vum Kand an am Interêt vun enger oppener a vun enger moderner Gesellschaft.

Wësst Der, als Kand sinn ech grouss ginn a Verhältnisser, wou net e Papp oder eng Mamm déi ganz Zäit do waren, mee wou ech éischer bei menge Grousseltere grouss gi sinn, och eng Zort Patchworkfamill. An ech mengen, datt et besonnesch wichteg ass, kloerzemaachen – an d'Madamm Tanson huet dat ganz richtig gesot –, datt, wa mer a Verbindung mat Kanner en Aarmutproblem hunn, mer da mussen deen Aarmutproblem bekämpfen a mer net däreinen dohinnergoen an d'Forme vun dem Wunsch vum Kand an dem Wunsch vun den Elteren no enger stabiler Beziehung a Fro stellen, wéi dat hei awer vun dëser Säit hei gemaach ginn ass.

M. Sven Clement (Piraten) | Et ass déi riets.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Jo, vu mir aus ass et dommerweis net déi riets Säit, mee ech mengen, mer wëssen alleguer, wie gemengt ass.

(Interruption)

Dëst gesot, Här President: Et ass e fortschrittlechen Text. Mir ginn deem eis voll Zoustëmmung. Merci.

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Domat wär dann d'Lescht vun de Riedner ofgeschlossen.

Da géing d'Regierung d'Wuert kréien. Madamm Justizministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, hannert all Adoptioun steet eng perséinlech Geschicht. Et ass eng Geschicht vu Léift, Verantwortung an Engagement. Et ass eng Geschicht vun engem Kand, dat eng Plaz sicht, an et ass eng Geschicht vun Erwuessenen, déi prett sinn, deem Kand eng Plaz ze bidden.

Lëtzebuerg kennt entre-temps vill verschidde Familljemodeller. Mir si méi divers ginn, an dat ass gutt esou. Dowéinst ass dat haut esou eng wichteg Reform. De Rapportier huet droh higewisen, datt d'Adoptioun fir d'lescht 1989 reforméiert ginn ass. Zënterhier huet ons Gesellschaft awer fundamental geännert. Mir hunn ëmmer méi Familles monoparentales a Patchworkfamillen. Entre-temps sinn et bal 80 % vun de Kanner, déi ausserhalb vun engem Bestietnis op d'Welt kommen.

Zënterhier ass awer och vill geschitt. Mir hunn de Pacs agefouert, mir hunn de Mariage pour tous agefouert a mir hunn net méi dee klassesche Modell vu Mamm, Papp a Kand a mir hunn eis Legislatioun dorunner ugepasst. Dat ass e kontinuierlechen Effort gewiescht vun enger ganzer Rei Parteien heibannen. Et ass net eng eenzeg Partei, déi dësen Effort gemaach huet, mee et ass e gemeinsamen Effort gewiescht vun enger Rei Parteien heibannen.

Fir vläicht kuerz eppes ze soen zu de puer Eckdate vun dësem Projet: Et ass scho gesot ginn, mir behalen d'Adoption simple an d'Adoption plénière bäi. Mir erlaben och a gepacste Koppelen a Koppelen, déi an enger stabiler Relatioun sinn, dem Partner, d'Kand vum anere Partner ze adoptéieren. An – ganz

wichtig! – mir erlaben et Einzelpersonen, eng Adoption plénière ze maachen. D'Hauptprioritéit do-bäi ass, bei all Decisioun den Interêt supérieur vum Kand a Consideratioun ze huelen. D'Kand muss säin Accord ginn. D'Kand, dat d'Capacité de discernement huet, muss also säin Accord zur Adoptioun ginn. Dat bedeit, datt d'Kanner aktiv an d'Adoptiounsprozedur mat agebonne ginn.

Mir schafen also haut e moderne Kader. E steet fir eng Gesellschaft, déi d'Kanner net nëmmen an de Mëttelpunkt stellt, mee och fir eng Gesellschaft, déi de Kanner nolauschert. Mat dësem Vott schreiwe mir e wichtegt Kapitel an et ass haut wierklech oft gesot ginn. Et ass e wichtegt Kapitel! Haut ass en Dag, wou mer konkret d'Liewe vum de Leit dobausse veränneren. All Kand soll d'Chance kréien, eng Famill ze fannen, och wann dës Famill aus engem eenzege Member besteet. D'Kanner ginn aktiven Acteur vum hirer eegener Liewensgeschichte an et ass e wichtige Schrëtt a Richtung vu méi Gläichstellung vum alle Familljemodeller. Et ass e Schrëtt a mir schaffe weiderhin drun.

Den Accord de coalition gesäit eng kloer Richtung vir. Mir wäerte weiderhin aner besteeënd Ongläichheeten aus eiser aktueller Legislatioun probéieren erauszuhuelen. Do kennt natierlech och d'Reform vum der Filiatioun an d'Spill, déi 2013 vum Minister Biltgen deposéiert ginn ass, 2017 vum dësem Parlament mat engem grouss Konsens ëmgeännert ginn ass a wou mir natierlech d'Aarbechten och erëm ophuelen a weiderféieren.

Ech soen Iech villmools Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Domat ass dann d'Diskussioun zu dësem Sujet elo ofgeschloss.

Da géinge mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8228 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8228¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8228 et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugehall mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, M. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener (par Mme Claire Delcourt), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Polidori), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. 8422 – Projet de loi portant approbation des amendements :

1° aux Statuts de la Banque internationale pour la reconstruction et le développement, signés à Bretton Woods, le 22 juillet 1944 ;

2° à l'Accord portant création de la Banque asiatique de développement, signé à Manille, le 4 décembre 1965 ;

3° à l'Accord portant création de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement, signé à Paris, le 29 mai 1990 ;

4° à l'article 4 du Protocole n° 5 sur les statuts de la Banque européenne d'investissement portant sur une augmentation du capital souscrit de la Banque

Da komme mer zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour vum haut de Mëttel, an zwar dem Projet de loi 8422 iwwert d'Adoptioun vum Amendement, déi als Zil hunn, den operationellen a finanzielle Modell vum de multilateralen Entwécklungsbanken ze moderniséieren. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minuten, all Fraktioun, all Sensibilitéit jeeweils 5 Minuten an d'Regierung huet 10 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Maurice Bauer, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer haut eng grouss Freed, Iech als Rapporteur de Projet de loi 8422 ze presentéieren. Bei dësem Gesetzesprojet, deen ech Iech elo presentéieren, geet et ëm Statutenännerunge bei véier multilateralen Entwécklungsbanken. Dëse Projet de loi gouf de 24. Juli d'lescht Joer vum Finanzminister hei deposéiert. Konkreet handelt et sech éischtens ëm d'Banque internationale pour la reconstruction et le développement, déi sougenannte BIRD, ëm d'Banque asiatique de développement, d'BasD, ëm d'Banque européenne pour la reconstruction et le développement, déi sougenannte BERD, a schlussendlech ëm d'Banque européenne d'investissement, d'BEI, déi jo hire Sätz hei um Kierchbierg huet. An alle véier multilateralen Entwécklungsbanken ass Lëtzebuerg Member.

D'Originn vum der Statutenännerung koum vum G20, wou gefrot ginn ass, de multilateralen Entwécklungsbanken generell Méiglechkeeten ze ginn, méi Kreditter ze gewären. Dës finanziell Institutiounen sinn haut immens wichteg, besonnesch an dësen Zäiten als Äntwert op déi multipel Krisen an der Welt. Ob wirtschaftlech, sozial, sanitär oder ëmweltpolitesch Krisen, mir brauche gutt a finanziell zolidd opgestallte multilateral Entwécklungsbanken.

Et geet hei drëms, déi sougenannte „lending capacity“, also d'Méiglechkeet, Kreditter ze accordéieren, vum dëse véier Banken an d'Luucht ze setzen. Mir gi mat dësem Projet eisen Accord, dass d'Limitatioun vum de Kreditter, déi déi eenzel Banke kënnen verginn an déi an de Statutte vum de Banke festgehalen sinn, méi flexibel gehandhaabt gëtt, ënnert dem strikte Contrôle vum de jeeweilege Verwaltungsreit.

Dat ass an de Statutte vum dësen Entwécklungsbanken geännert ginn. Dësen Ännerunge mussen mer elo eis Zoustëmmung ginn.

Wat d'Europäesch Bank fir Rekonstruktioun, also d'BERD, betrëfft, do ass nach zousätzlech ze soen, dass si wëllt hir Zone opérationnelle ausdeen op den Irak an d'Région subsaharienne an Afrika, wou d'BERD wëllt verstärkt a verschidden nei Länner investéieren kënnen, an dëst an Etappen iwwert déi nächst fënnf Joer. Fir dass an deenen Zillänner kann investéiert ginn, müssen och hei d'Statuten ugepasst ginn.

E spezifesche Punkt vum dësem Gesetz betrëfft och déi Europäesch Investitiounsbank, also d'BEI. Wéinst dem Brexit hunn d'Engländer net nëmmen d'Europäesch Union, ma och déi Europäesch Investitiounsbank verlooss. Doduerch ass bei der BEI Kapital fräi ginn. Dëst Kapital gëtt duerch eng Erhéijung vum der Participatioun am Kapital vum den eenzelne rechtliche Memberstaaten ersat. Dat heescht, fir Lëtzebuerg geet deemno d'Bedelegung vum aktuell ronn 275 Milliounen Euro op bal 328 Milliounen Euro erop, also vum 0,11 % op 0,13 % erop, an dëst ouni budgetären Impakt fir Lëtzebuerg.

Ech kommen nach kuerz op d'Avis vum Staatsrot a vum der Chambre de Commerce an op d'Prozedur zeréck.

D'Chambre de Commerce approuvéiert an hirem Avis vum 19. August 2024 d'Ännerungen un de Statutte vum de multilateralen Entwécklungsbanken an un de Statutte vum der Europäescher Investitiounsbank. Si begreist den Engagement vu Lëtzebuerg an de multilateralen Entwécklungsbanken, fir deenen am mannsten entwéckelte Regiounen op der Welt kënnen ze hëllefen.

An dësem Kader hält si och fest, dass déi ëffentlech Entwécklungshëllef am Joer 2024 op 566,76 Milliounen Euro festgeluecht gouf an dass d'Regierung sech am Koalitionsaccord och verpflichtet huet, den Effort bei 1 % vum RNB bäizebehalen. Si rëfft awer och d'Regierung dozou op, reegelméisseg Evaluatiounen vum der Entwécklungshëllef duerchzuféieren, fir eng virsiichteg Gestiou vum de Staatsfinanze sécherzestellen.

Wat den Avis vum Staatsrot vum 25. Februar dëst Joer ugeet, sou huet déi héich Kierperschaft ausser e puer Observatiounen zur gesetzestechescher Form keng Bemierkungen zum Inhalt vum dësem Gesetzesprojet. De Staatsrot erënnert just drun, dass déi Verträge oder Amendementer, wann et ëm Amendementer geet, déi duerch e Gesetz approuvéiert ginn, an hirer integraler Versioun un d'Gesetz mussen ugehaange ginn. Deem gouf selbsterständlech am finalen Text vum Projet de loi och Rechnung gedroen.

De Projet de loi gouf de 24. September an der Finanzkommissioun presentéiert, den 11. März analyséiert an de Rapport gouf de 25. März an der Finanzkommissioun ugehall.

Fir weider Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Discussion générale

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech erlabe mer, elo och am Numm vum der CSV-Fraktioun